## Gesellschaftlech Participatioun

20 Min.
—
Vun 8 Joer un
—
Dat eegent politescht Engagement reflektéieren an diskutéieren

**Oflaf**
Fir d'éischt ginn d'Schüler*innen opgefuerdert, déi Aussoen, déi op si zoutreffen, unzekräizen oder ze ergänzen. D'Resultater ginn uschléissend am Plenum verglach. Woufir setzen d'Schüler*inne sech am meeschten a woufir setze se sech am mannsten an? Gëtt et Jugendlecher, déi sech net engagéieren? Wa jo, aus wat fir engem Grond?

**Loscht op Politik!**

### Fir oder géint wat géifs du dech haut asetzen?

| Theemen, déi mech derzou beweege kéinten, aktiv ze ginn | Wann ech mech engagéieren, … | Ech kéint mer virstellen, … |
|---|---|---|
| ○ Europäesch Unifikatioun | ○ wëll ech nei Erfarunge sammelen. | ○ an der Jugendorganisatioun vun enger Partei matzemaachen. |
| ○ Ëmweltschutz | ○ muss et Spaass maachen. | ○ eng Biergerinitiativ ze ënnerstëtzen. |
| ○ Ausbau vu Verkéiersweeër | ○ musse Frënn matmaachen. | ○ an enger Ëmweltgrupp matzeschaffen. |
| ○ Schafe vu Fräizäitariichtungen | ○ muss ech séier Resultater gesinn. | ○ un enger Demonstratioun deelzehuelen. |
| ○ Drëtt Welt | ○ géif ech gären dofir entschiedegt ginn. | ○ am Internet u „virtuellen" Diskussiounsronnen deelzehuelen. |
| ○ Terror | ○ muss ech dervun iwwerzeegt sinn. | ○ en Opruff oder eng Petitioun ze ënnerschreiwen. |
| ○ Krich | ○ soll kee mer Virschrëfte maachen. | ○ op eng politesch Versammlung ze goen. |
| … | … | … |

Source: durchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

## Demokratie als Lebens- und Gesellschaftsform

50 Min.

—

Vun 10 Joer un

—

Stëft, Pabeier, Flipchart

—

Zesummenhäng tëschent den eegene konkreeten Erfarungen an dem awer éischter abstrakte Begrëff vun der Demokratie erkennen.

**Oflaf:**
All Schüler*in kritt d'Erfarungskäertercher. Elo sicht jidderee sech op d'mannst ee/eng Matschüler*in eraus, deen/déi entweeder eng Erfarung, déi beschriwwen ass, selwer gemaach huet oder deen/déi eng Persoun kennt, déi déi Erfarung gemaach huet. Déi Jugendlech beweege sech fräi am Klassenzëmmer. Op de Käertercher gi mat Stéchwierder Äntwerten op d'W-Froen (Wien? Wou? Wat? Wéini? Wéisou?) festgehalen.

No 20 Minutte gëtt am Plenum eng Diskussioun geféiert, woubäi zwou Froen am Mëttelpunkt stinn: 1) Wat hunn dës Handlunge mat Demokratie ze dinn? 2) Wéi schwéier war et, Matschüler*inne mat deene respektiven Erfarungen ze fannen? Andeems ee vun den Notizen ausgeet, sollen ofschléissend déi gesammelt Erfarungen z. B. folgenden Demokratie-Theemen zougeeurdent ginn: Fräiheet, Gläichheet, Participatioun, Matbestëmmung, Versammlungsfräiheet, Majoritéit/Minoritéit, Diskriminatioun, Gläichberechtegung, Zivilcourage, Solidaritéit, Toleranz, Gerechtegkeet … Dës Theeme ginn op der Tafel oder um Flipchart festgehalen oder déi ausgeschnidde Käertercher ginn eventuell mat Magnéiter befestegt. D'Schüler*inne sollen zum Schluss erkennen, a wéi wäit si schonn demokratesch gehandelt hunn a wou se deemno wéi un hir Limitte gestouss sinn.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**
… schonn eng Kéier un enger Demonstratioun deelgeholl huet.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**
… sech eng Kéier net konnt bedeelegen, well nëmme Meedercher oder Jongen hunn däerfe matmaachen.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**
… schonn eng Kéier e Commentaire zu engem politeschen Theema geschriwwen huet (sozial Medien).

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**
… sech um Internet un engem Vott bedeelegt huet.

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… schonn eng Kéier un engem participative Projet an der Gemeng deelgeholl huet ( z. B. bei der Fréijoersbotz, fir den Dreck opzerafen).

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… seng/hir eege Meenung virun der Clique vertrueden huet, och wann et schwiereg war.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… schonn eng Kéier bei enger Decisioun an der Minoritéit war an iwwerstëmmt ginn ass.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… an enger ONG täteg ass.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… mat engem Sträit hat, a wou där anerer Persoun hir Relioun dobäi eng Roll gespillt huet.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… als Interessevertrieder*in fir anerer täteg ass oder war (z. B. Klassespriecher*in, Schülerdelegatioun).

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… iwwerleet, sech an enger Partei ze engagéieren oder schonn engagéiert ass.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… schonn eng Kéier materlieft huet, wéi eng aner Persoun diskriminéiert gouf (opgrond vun der Hautfaarf, der Ofstamung asw.)

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… sech fir Mënscherechter asetzt.

**Sich ee Matschüler oder eng Matschülerin, deen/déi**

… beim Akafen no fair gehandelte Produite sicht.

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg


# Fräiheetsrechter an Demokratie

Fräiheetsrechter an Demokratie schützen d'Fräiheet vun de Leit, och géintiwwer dem Staat. Se gehéieren zu den allgemenge Mënschen- a Biergerrechter. D'Fräiheet huet an der Verfassung vun engem demokratesche Staat e grousse Stellewäert.

Onverletzlechkeet vun der Wunneng

Garantie vum Eegentum

Versammlungs- a Vereenegungsfräiheet



Pressefräiheet

Schutz vun der Dignitéit

Schutz vum Privatliewen

Glawensfräiheet

Recht op Aarbecht

Meenungsfräiheet

Recht op Bildung

Schutz virun der juristescher Willkür

Schutz vun der Gesondheet an der Ëmwelt


➢ Drot d'Beispiller op déi richteg Plaz an d'Grafik an.

- fräi Wiel vum Beruff
- Verbuet vun erniddregender Behandlung
- Verbuet vun der Pressezensur
- staatlechen Erzéiungsoptrag
- Fräizäit ass privat a brauch net gerechtfertegt ze ginn
- Recht ze kloen
- fräi Wiel vun der Relioun
- Recht ze demonstréieren
- Wunneng ass Privatsphär
- Recht, deng Meenung fräi auszedrécken
- Recht op Privatbesëtz
- Recht op proppert Drénkwaasser

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

# Wat ass Demokratie?

Lëtzebuerg ass en demokratesche Staat, d. h. d'Entscheedunge gi vun de walberechtegte Bierger*inne geholl. Déi walberechtegt Bierger*inne wielen hir Vertrieder*innen (representativ Demokratie). 1919 gëtt dat allgemengt Walrecht fir Fraen a Männer zu Lëtzebuerg ageféiert. Zanter ongeféier honnert Joer kënnen am Prinzip all d'Lëtzebuerger*innen entscheeden, wie si an der Chamber oder an der Gemeng vertrëtt. Virun 1919 hate just e puer räich Männer dat Recht.




**Setz d'Aussoen aus der Tabell bei déi richteg Puzzlestécker a fierf d'Kreesser mat der entspriechender Faarf.**

- ◯ Ech däerf am Prinzip soen, wat ech denken (Meenungsfräiheet).
- ◯ Keen huet déi exklusiv Muecht.
- ◯ Ech ka viru Geriicht goen, wann ech der Meenung sinn, dass meng Rechter oder Fräiheeten ageschränkt sinn.
- ◯ Ech decidéieren, wat fir eng Politiker*innen ech wielen.
- ◯ Ech hunn d'Recht, Decisiounen ze kritiséieren.
- ◯ Ech hunn déi nämmlecht Rechter ewéi mäi räichen Noper.
- ◯ Ech gi vum Riichter bestrooft, wann ech mech net un d'Gesetzer halen.
- ◯ Et däerf kee mech zwéngen, eng bestëmmt Partei ze wielen.
- ◯ Ech däerf fir oder géint eppes demonstréieren.
- ◯ Et däerf kee mir iwwer d'Schëller kucken, wann ech meng Stëmm ofginn.
- ◯ Ech ka mech enger ONG uschléissen, fir meng Interessien duerchzesetzen.

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

# 1919: Walrecht fir jiddereen

Den 8. Mee 1919 gëtt dat aktiivt a passiivt Walrecht (vun 21, respektiv 25 Joer un) fir Fraen a Männer vun der Chamber ugeholl. Bis dohin huet zu Lëtzebuerg d'Zensuswalrecht gegollt. Nëmme Männer hunn däerfe wielen, ausserdeem hu se misse mindestens 25 Joer al sinn an e gewëssene Bäitrag u Steiere bezuelen, fir kënne wielen ze goen a gewielt ze ginn. Den Zensus gouf zwar mat der Zäit erofgesat, awer d'Walrecht war enger Minoritéit vu räiche Männer virbehalen. Scho virum Éischte Weltkrich gouf doriwwer diskutéiert, fir d'Walrecht op all d'Männer, d. h. och op déi einfach Baueren, Doléiner an Aarbechter auszedeenen. Zu Lëtzebuerg gouf et laang keng konkreet Fuerderunge vun de Fraebeweegungen, och wann um Ufank vum 20. Joerhonnert a ville Regioune vun Europa Fraenorganisatiounen d'Fraewalrecht revendiquéiert hunn. Vun 1905 un allerdéngs hu sozialdemokratesch Fraen a Männer déi éischt Petitioune fir d'Fraestëmmrecht an der Chamber agereecht. Alleguer déi grouss Parteie sinn nom Enn vum Éischte Weltkrich fir de Prinzip vum allgemenge Walrecht agetrueden. D'Gesetz iwwer d'Fraewalrecht gouf schliisslech nëmme vun de sozialisteschen a konservativen Deputéierte gestëmmt. Déi Liberal wollten de Frae virleefeg nëmmen d'Gemengewalrecht zougestoen.

**Opruff, fir d'Petitioun fir d'Aféiere vum Stëmmrecht fir Fraen ze ënnerschreiwen, publizéiert an der sozialistesch-republikanescher Zeitung „Armer Teufel", ë. a. ënnerschriwwe vum Marguerite Mongenast-Servais, de 6. Juli 1918.**

Stëmmrecht fir Fraen. All d'Froen aus der Politik ginn d'Fraen aus dem Vollek gradesou eppes un ewéi d'Männer, wann net esouguer heiansdo eppes méi, z. B. wie Gesetzer maachen a Steieren ausschreiwe soll, wien iwwer Schoulen, Garderien, Spideeler, Alters- an Invalidenheemer asw. decidéiere soll, wéi fir Fra a Kand beim Doud vum Mann a Papp soll gesuergt ginn, wéi d'Gesondheet vun den Aarbechter besser geschützt gëtt. D'Frae wäerten éischter fir eng Kierzung vun der Aarbechtszäit stëmmen, fir méi héich Léin, fir adequat Rente fir Greisen, Invaliden, Wittfraen a Weesekanner. D'Fra wäert éischter hir Stëmm deene ginn, déi sech fir déi Ënnerdréckt asetzen.

An alle Länner aus Nordamerika, Nordeuropa, Nordasien an Australien hunn d'Fraen d'Stëmmrecht kritt. A villen anere Länner gëtt d'Stëmmrecht fir Fraen deemnächst ageféiert. Och mir Lëtzebuerger mussen d'Hallschent vun de grossjärege Matbierger vun der rechtlecher a politescher Gläichstellung mat Idioten, Gecken a Verbriecher befreien an de Fraen d'Recht ginn, bei alle grousse Froen, déi d'Wuel vun alle Lëtzebuerger betreffen, matzeschwätzen a matzedecidéieren. (…)




Spontan Ried vun der sozialistescher Aktivistin Lily Becker-Krier um Knuedler bei der Demonstratioun wéinst der Deierecht an de Liewensmëttelpräisser, den 13. August 1919

- Wat fir eng decisiv Ännerung gouf et 1919 zu Lëtzebuerg am Sënn vun der Demokratie?
- A wat fir engem Mooss hunn d'Fraen zu Lëtzebuerg sech d'Walrecht erkämpft?
- Unhand vum Opruff, äntwer op dës Froen: Wéi begrënnen d'Fraen hir Fuerderung nom Stëmmrecht fir Fraen? Wat fir Beräicher schéngen „typesch weiblech"? Wou entspriechen d'Fuerderungen dem deemolegen traditionelle Bild vun der Fra als „Fra a Mamm"? Wou net?
- A wat fir engem Mooss spigelt d'Foto d'Atmosphär vun deemools erëm?

# 1919: eng éischt Kéier seng Stëmm ofginn

Beim Referendum vum 28. September 1919 goung et ëm déi politesch Zukunft vum Land, d. h. ëm d'Fro, ob Lëtzebuerg eng Monarchie bleiwe sollt oder eng Republik sollt ginn. Ausserdeem stoung déi ekonomesch Collaboratioun mat Frankräich oder mat der Belsch zur Wiel. Fir déi meescht stëmmberechtegt Bierger*inne war et fir d'éischt zanter dem Aféiere vum allgemenge Walrecht (8. Mee 1919), dass se opgefuerdert goufen, hir Stëmm ofzeginn. 78 % vun der Bevëlkerung wollte bei der Monarchie bleiwen, 20 % hu sech eng Republik gewënscht. Och wann d'Majoritéit sech fir eng Wirtschaftsunioun mat Frankräich ausgeschwat hat, koum dës net zustanen, well Frankräich net genuch Interessi drun hat.

**Extrait vum Referendum-Ziedel, 28. September 1919**


BULLETIN D'ÉLECTION G. D. DE LUXEMBOURG

Referendum — Volksreferendum

du 28 septembre 1919. — vom 28. September 1919.

A.

Orientation politique. — Politische Orientierung.

Je désire — Ich wünsche

| | |
|---|---|
| Le maintien de la Grande-Duchesse régnante Charlotte<br>Die Beibehaltung der regierenden Großherzogin Charlotte | |
| Le maintien de la dynastie régnante avec une autre Grande-Duchesse<br>Die Beibehaltung der regierenden Dynastie unter einer andern Großherzogin | |
| L'avènement d'une autre Dynastie<br>Die Einsetzung einer andern Dynastie | |
| L'introduction du régime républicain<br>Die Einführung der Republik | |

B.

Orientation économique. — Wirtschaftliche Orientierung.


| | |
|---|---|
| L'Union économique avec la Belgique<br>Den wirtschaftlichen Anschluß an Belgien | |
| L'Union économique avec la France<br>Den wirtschaftlichen Anschluß an Frankreich | |

Quell : Luxemburger Wort, 24.09.1919, Säit 1

**Referendum**
(Lat. re = zeréck a ferre = droen) bedeit, dass e Parlament eng Entscheedung un d'Vollek zeréckdréit. D'Parlament oder d'Regierung huet e Gesetz, eng Decisioun oder e Kontrakt ausgeschafft, an alleguer déi walberechtegt Bierger*inne mussen driwwer ofstëmmen. Eng Entscheedung vum Parlament gëtt esou zousätzlech vum Vollek legitiméiert. Beim Referendum vun 1919 ass d'Vollek consultéiert ginn, d'Resultat war rechtlech net verbindlech.

**Wat fir eng Staatsform fir d'Demokratie?**

Republik — konstitutionell Monarchie




- Erkläert d'Funktioun vun de Referendumen an äre Wierder. Ëm wat geet et am Referendum vum 28. September 1919?
- Setzt dës Aussoen op déi richteg Plaz an de Scheema: **1.** De Staatschef ass e Monarch oder eng Monarchin (Kinnek*Kinnigin, Grand-Duc*Grande-Duchesse) – **2.** De Staatschef ass eng Presidentin oder e President – **3.** De Staatschef gëtt gewielt. – **4.** D'Funktioun vum Staatschef gëtt an der Famill verierft – **5.** De Staatschef huet nëmmen dee Pouvoir, deen d'Verfassung em gëtt. – **6.** Déi héchst Gewalt (Souveränitéit) läit beim Vollek.
- Analyséiert den Ziedel vum Referendum. Wat fält bei der Reiefolleg vun de Froen op?
- Stellt iech vir, et géif haut iwwer dës Froen ofgestëmmt ginn:
  1. Republik oder Monarchie?
  2. Wirtschaftsunioun: EU oder net?

  Wéi géift dir wielen a firwat?

# Fräiheet vs. staatlech Interventioun

D'Wirtschaftskris an den 1930er-Joren huet dozou geféiert, dass kommunistesch Iddien am Aarbechtermilieu verbreet goufen. Bei den däitschen Nopere koumen d'Nationalsozialisten un d'Muecht. An dësem ugespaante politesche Klima huet d'Chamber am Abrëll 1937 e sougenannt „Uerdnungsgesetz" op Propos vun der konservativer Regierung gestëmmt. Doduerch sollten déi kommunistesch Partei an all d'Verbänn a Gruppéierungen, déi mat Gewalt probéiert hunn, d'Verfassung oder d'Gesetzer vum Land ze änneren, opgeléist ginn. D'Géigner vun dësem Gesetz hunn et als „Maulkuerfgesetz" bezeechent. Well d'Oppositioun ëmmer méi staark gouf, huet d'Regierung de 6. Juni 1937 e Referendum organiséiert, fir d'Adoptioun vum Gesetz bestätegen ze loossen. 50,67 % vun de Lëtzebuerger*innen hunn dat sougenannt „Maulkuerfgesetz" ofgeleent, well et ë. a. als eng Restriktioun vun der Meenungs- a Versammlungsfräiheet ugesi gouf.

**Karikatur vum Albert Simon, publizéiert am Escher Tageblatt de 24. Abrëll 1937**




An der Mëtt de konservative Regierungschef Joseph Bech

**Extrait aus engem Opruff vun der Rietspartei am Luxemburger Wort de 25. Mee 1937, am Virfeld vum Referendum**

**Zum Referendum vum 6. Juni iwwer d'Gesetz fir de Schutz vun der sozialer a politescher Uerdnung**

**I. Wat wëll d'Gesetz?**

1. Et verbitt déi kommunistesch Partei an d'Organisatiounen, déi un déi Kommunistesch International rattachéiert sinn.
2. Et beoptraagt d'Regierung domat, alleguer d'Organisatiounen opzeléisen, déi duerch Gewalt oder Droungen oder duerch d'Forméiere vun arméierten oder paramilitäresche Verbänn wëllen d'Verfassung änneren oder de fräie Fonctionnement vun de konstitutionellen Institutioune wëlle verhënneren. Géint d'Decisioune vun der Regierung kann e Recours beim Staatsrot gemaach ginn. Dat, an nëmmen dat, ass de Sënn vum Gesetz! Alles anescht, wat d'Géigner drunhänken, ass Geschwätz, Oflenkungsmanöver, Manipulatioun a Ligen.

D'Gesetz verbitt net – ewéi seng Géigner et wëlle gleewen dinn – d'Meenungs-, d'Ausdrocks- an d'Pressefräiheet, d'Streikrecht oder d'Recht, sech enger professioneller oder soss enger Vereenegung unzeschléissen, déi hiert Zil legal verfollegt. Au contraire ass den Zweck eebe grad, d'Verfassung an eis demokratesch Fräiheeten ze schütze géint all déi, déi sech zesummeschléissen, fir dës mat Gewalt ze stierzen. Liest d'Gesetz selwer! … iwwerleet … an dann eréischt entscheet der als Lëtzebuerger, déi fräi denken. […]

IV. Als richteg Lëtzebuerger: maache mer e Kräiz ënner Jo, an d'Resultat vum 6. Juni wäert einfach dat sinn, dass et keng kommunistesch Partei méi gëtt an et ni eng faschistesch wäert ginn, mee nëmmen e Lëtzebuerger Vollek, fräi an national, dat sech weiderentwéckelt. […]

Extrait aus dem däitschen Original iwwersat.

- A wat fir engem historesche Kontext gouf d'Gesetz vun Abrëll 1937 virgeschloen? Firwat gëtt dat Gesetz populär als „Maulkuerfgesetz" bezeechent? Wéi huet d'Regierung op d'Kritik un deem Gesetz reagéiert?
- Bestëmmt, ob d'Dokumenter, déi virleien, jeeweils fir oder géint dat Gesetz sinn. Beschreift uschléissend d'Karikatur. Wat fir Symboler a Metaphere gi benotzt? Wat ass de Message? Mat wat fir enger Justifikatioun wëllt d'Rietspartei um Gesetz festhalen? Erkläert, wéi de Begrëff „Demokratie" a béiden Dokumenter gebraucht gëtt, fir déi jeeweileg Positioun ze ënnermaueren.
- Wat géifs du haut entscheeden? Bass du fir e staarke Staat, deen eng Organisatioun oder eng politesch Partei kann opléisen, déi mat Gewalt an Droungen agéiert, fir déi existent politesch a sozial Uerdnung ze schützen? Jo oder nee? Begrënn deng Äntwert. Oder däerf de Staat denger Meenung no ënner kengen Ëmstänn d'Fräiheetsrechter aschränken?

Source: duerchblëck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

**Dilemma**
Ënner Dilemma versteet een, dass zwee equivalent, awer inkompatibel Wäerter openeestoussen am Kader vun enger Decisioun, bei där keng Léisung zefriddestellend ass.

Engersäits vertrëtt de Staat d'Rechtsuerdnung a schränkt doduerch méiglecherweis d'Fräiheet vun eenzele Leit an. Anerersäits hätt de Staat d'Méiglechkeeten anzegräifen, fir eenzel Leit ze schützen.

YES...NO...........YESNO...YES NOYES...YES NO
YES...NOYESNO...YES...NO YESNO...YES
...NO......YES...NO.................YES NOYES
NO...........YES NO

## Méiglech Gesetzesvirschléi

| | | Pro | Kontra |
|---|---|---|---|
| 1. | Arméi, Police a Sécherheetskräfte ginn opgeléist. Jidder Bierger*in ass fir sech a fir seng/hir Famill verantwortlech. | | |
| 2. | De Staat suergt fir eng renforcéiert Sécherheet vu senge Bierger*innen, andeems en op allen ëffentleche Plazen Iwwerwaachungskameraen installéiert. | | |
| 3. | Den Educatiounsministère leet de Programm fir d'Schoulkanner net fest. | | |
| 4. | Den Educatiounsministère leet en Dresscode fir d'Schoulkanner fest. | | |
| 5. | D'Regierung kontrolléiert d'Zäit, déi déi Mannerjäreg online verbréngen. Fir se ze schützen, ënnerbrécht se all Dag d'Verbindung no enger Stonn. | | |
| 6. | Fir d'Stroossebild ze schützen, ass et verbueden, Reklammen ze affichéieren. | | |
| 7. | De Staat féiert e „staatlechen Ernärungsservice" an. Dëse Service versuergt all d'Bierger*innen an all Stot mat gesondem Iessen, esou dass manner Leit ënner Häerzproblemer oder Iwwergewiicht leiden. | | |

**Entscheet dech!**

Menger Meenung no soll de Staat agräifen, wann:

De Staat soll net an d'Fräiheete vu senge Bierger*innen agräifen, wann:

- Kräizt all Kéier un, ob der d'Gesetzesvirschléi akzeptéiert oder net.
- Wat fir eng Prinzippie vertrieden déi jeeweileg Gesetzesvirschléi? Fräiheet, Eegeverantwortung, Sécherheet, Jugendschutz?
- Diskutéiert uschléissend a Gruppe vu 4 iwwer all d'Gesetzesvirschléi. Fannt Argumenter fir déi jeeweileg Optiounen. Leet am Grupp fest, ob de Virschlag ugeholl gëtt oder net.
- Gëtt d'Fräiheet vun eenzele Persounen oder déi vu Gruppe geschützt? Wiem seng Fräiheet gëtt duerch d'Interventioun vum Staat beanträchtegt?
- Bestëmmt uschléissend, wéini de Staat sech an d'Liewe vu senge Bierger*inne soll améschen a wéini net. Firwat? Fannt aner konkreet Beispiller.

Source: durchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

# Gläichstellung vu Mann a Fra

Och no der politescher Gläichstellung vun 1919 bleiwen d'Frae wärend Joerzéngten nach um rechtlechen an ekonomesche Plang Zweet-Klass-Biergerinnen. Am Prinzip stinn haut awer de Fraen an der Politik an an der Gesellschaft all d'Dieren op. Männer a Frae kënnen hire Liewenswee no hire Virstellunge gestalten.

**1978:** Ënner verschidde Konditiounen däerfe Fraen an den éischten 12 Woche selwer decidéieren, ofzedreiwen. D'Sexualerzéiung an de Schoule gëtt gesetzlech verankert.

**1969:** Éischt Lëtzebuerger Ministesch: d'Madeleine Frieden-Kinnen

**1919-1931:** Éischt weiblech Deputéiert am Parlament: d'Marguerite Thomas-Clement

**2006:** De Prinzip vun der Gläichstellung vu Mann a Fra gëtt explizitt an der Verfassung verankert.

**1968:** Meedercher a Jongen däerfen zesummen an d'Schoul goen. Déi selwecht Formatioun an der Schoul heescht och dee selwechte Programm fir Jongen a Meedercher (Koeducatioun).

**1919:** Aféierung vum allgemenge Walrecht

**1972-1974:** Am Bestietnes/ an der Scheedung ginn d'Frae mat de Männer gläichgestallt. Si kréien déi nämmlecht Rechter a Flichten. Bis dohin war eng bestuet Fra zivilrechtlech onmündeg, d. h. ouni d'Erlabnes vun hirem Mann huet si kee Kont op der Bank däerfen opmaachen oder kee Kontrakt däerfen ënnerschreiwen.

**1978:** Lëtzebuerg ratifizéiert d'Konventioun Nummer 100 vun der Organisation Internationale du Travail, déi dee selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht virgesäit.

**1972:** Grënnung vum Mouvement de la libération des femmes (MLF). Theemen ewéi weiblech Sexualitéit, Recht, iwwer den eegene Kierper ze bestëmmen, eng gerecht Opdeelung vun der Aarbecht am Stot, Kannererzéiung, Recht vun de Fraen op Aarbecht, Loungläichheet a Gewalt géint Frae ginn ëffentlech diskutéiert.

**1965:** Zweet weiblech Deputéiert am Parlament: d'Astrid Lulling

**1930:** Doud vun der éischter professioneller Lëtzebuerger Schrëftstellerin Marie Henriette Steil. Markenzeechen: net bestuet a „Bubikopf"

**1939:** De Staatsrot urteelt, dass och bestuet Léierinnen hire Beruff weider kënnen ausüben. De sougenannten „Léierinnenzölibat" hat keng gesetzlech Grondlag. E gouf awer trotzdeem dacks praktizéiert, fir duebel Salairen ze ënnerbannen.

**2016:** De Prinzip vun der Loungläichheet, „dee selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht", gëtt am Gesetz festgehalen.

**2018:** 25 % vun den Deputéiert an 29 % vun de Regierungsmembere si Fraen.

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

- Liest déi kuerz Texter a Gruppe vun 2. Fierft d'Casë jee no Kategorie:
  - Parlament a Participatioun (giel)
  - Bestietnes a Selbstbestëmmung (blo)
  - Bildung a Beruff (rout)
  - Férderung vun de Fraen (gréng)
- Diskutéiert am Plenum iwwer d'Resultater. Wat fir en Datum huet iech besonnesch iwwerrascht? Firwat?
- Stellt eng Chronologie op: Schneit d'Texter eraus a pecht se an der chronologescher Reiefolleg op e Poster. Illustréiert d'Chronologie mat de richtege Fotoen.
- Gëtt et haut nach Beräicher, an deene Fraen opgrond vun hirem Geschlecht benodeelegt ginn? Diskutéiert an der Klass, andeem der, wann néideg, Beispiller aus ärem Alldag nennt.

BIOGRAFIE

## E Liewen am Déngscht vun der Opklärung



Marie-Paule Molitor-Peffer (1929-1999)

- Wat fir demokratesch Mëttel gebraucht d'Marie-Paule Molitor-Peffer, fir hir Fuerderungen duerchzesetzen?
- A wéi wäit ass si haut nach e Virbild?

D'Marie-Paule Molitor-Peffer, zanter 1958 Gynekologin, gëtt bei der Lëtzebuerger Branche vum internationale „Mouvement pour le Planning Familial" aktiv. Dëse promouvéiert d'Planifikatioun vun der Famill als Basis vun enger glécklecher Partnerschaft – a brécht domat zu Lëtzebuerg zu där Zäit en Tabu. Den Ordre des médecins opposéiert sech ferm géint d'Schafe vu Planning-Familial-Zenteren zu Lëtzebuerg. Géint d'Marie-Paule Molitor-Peffer gëtt eng Procédure disciplinaire ageleet. Schliisslech geet den Affekot Robert Krieps, deen se verdeedegt, mat dëser Affär esouguer bis virun den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter.

Vun 1981 bis 1992 ass d'Marie-Paule Molitor-Peffer Presidentin vum „Planning Familial" zu Lëtzebuerg, deen 1965 gegrënnt gouf. Si setzt sech a fir eng modern Sexualerzéiung, fir den Accès op Verhütungsmëttelen a fir d'Dekriminaliséierung vum Avortement. Si thematiséiert och d'Gewalt géint Fraen an d'sexuell Mësshandlung vu Kanner. A ville Stellungnamen a Bréiwer un d'Zeitungsredaktioune schwätzt si Problemer un, déi an der Lëtzebuerger Gesellschaft vun de Sechzeger- a Siwwenzegerjoren tabu sinn. D'Marie-Paule Molitor-Peffer stierft 1999 an engem Accident.

Op Initiativ vun der Familljeministesch Madeleine Frieden gëtt de „Planning Familial" vun 1972 u vum Staat subventionéiert. Nieft dem Zenter an der Haaptstad entstinn an den 1970er-Jore weider Zenteren zu Esch an zu Ettelbréck. An der Lëtzebuerger Legislatioun iwwer den Avortement, déi 1978 reforméiert gouf, ginn d'Planning-Familial-Zentere gesetzlech verankert.

*Sonja Kmec, Renée Wagener (et al.), Frauenleben-Frauenlegenden. Ein Streifzug durch 1000 Jahre Stadtgeschichte: Persönlichkeiten, Geschichte(n) und Hintergründe, Luxemburg 2007, S. 27-28.*

# Aarbecht an Demokratie

Déi lescht honnert Joer sinn d'Aarbechts- an d'Liewenskonditioune vun de Leit ëmmer besser ginn. Duerch Protester vun den Aarbechter an d'Grënnung vu Gewerkschaften hunn d'Aarbechter*inne méi Rechter kritt. Privileegien, ewéi „fräi Zäit", déi just fir eng Minoritéit virbehale waren, goufen duerch d'Aféiere vun der Begrenzung vun der Aarbechtszäit an d'Recht op Congé demokratiséiert, d. h. allgemeng zougänglech gemaach.

**Info:** D'Objektive vun de Gewerkschafte sinn: Aarbecht fir alleguer, e Salaire, deen duergeet, fir ouni Suerge kënnen ze liewen, méi kuerz Aarbechtszäiten a Matbestëmmung an den Entreprisen.

## 1919-2019: Evolutioun vun den Aarbechtskonditiounen

- **1918** Begrenzung vun der Aarbechtszäit op 8 Stonnen den Dag
- **1926** Recht op Congé
- **1936** Unerkennung vun de Gewerkschaften a vum Streikrecht
- **1944** Aféierung vum Mindestloun
- **1946** Aféierung vum gesetzleche Feierdag op den 1. Mee (Dag vun der Aarbecht)
- **1948**

**Universal Deklaratioun vun de Mënscherechter vun de Vereenten Natiounen (10.12.1948)**

Artikel 23

1. All Mënsch huet d'Recht op Aarbecht, op d'fräi Wiel vu sengem Beruff, op gerecht an uerdentlech Aarbechtskonditiounen, an op Protektioun géint de Chômage.
2. Jiddereen huet ouni Diskriminatioun d'Recht op dee selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht.
3. Jiddereen, dee schafft, huet d'Recht op e gerechten an uerdentleche Loun, deen him a senger Famill eng Existenz an der mënschlecher Dignitéit garantéiert, an deen, wann néideg, duerch aner sozial Mesurë gestäipt gëtt.
4. All Mënsch huet d'Recht, fir mat anere Leit Beruffsorganisatiounen ze grënnen an do Member ze ginn, fir seng Interessien ze verdeedegen.

Artikel 24

All Mënsch huet d'Recht op Erhuelung a Fräizäit, op eng raisonabel Begrenzung vun der Aarbechtszäit an op periodesche bezuelte Congé.

**D'Artikelen 23 a 24 bedeite fir mech:**

Ech däerf …

Ech muss …

Mäin Employeur däerf net …

Mäin Employeur muss …

De Staat muss …

De Staat däerf net …

Source: durchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

- Markéier an der Chronologie d’Acquisen oder d’Changementer, déi s du besonnesch wichteg fënns. Begrënn däi Choix.
- Wat fir Fuerderungen aus der Universaler Deklaratioun vun de Mënscherechter goufen zanter 1948 zu Lëtzebuerg ëmgesat?
- Maach d’Sätz mat Hëllef vun den Artikelen 23 a 24 vun der Universaler Deklaratioun vun de Mënscherechter fäerdeg. Diskutéiert d’Resultater an der Klass.
- Ginn d’Acquisen a puncto Aarbechtskonditiounen duerch d’Digitaliséierung vun der Aarbechtswelt a Fro gestallt?
- Firwat? Firwat net?

**1970**

D’Notioune „Recht op Aarbecht“, Sozialversécherung“, „Recht op Erhuelung“, a „Schutz vun der Gesondheet a vun der Fräiheet, gewerkschaftlech Rechter auszeüben“, goufen an der Verfassung verankert.

Progressiv Verkierzung vun der Aarbechtszäit vun 48 op 40 Stonnen d’Woch

**1999**

Aféierung vum Congé parental a vum Congé aus familiäre Grënn (pro Kand zwee Deeg am Joer)

**2007**

Aféierung vun der Familljenzoulag an der Allocatioun fir d’Gebuert



Éischte-Mee-Demonstratioun 1958 fir de Plein emploi an eng wirtschaftlech Matbestëmmung.




Demonstratioun 1973. Op de Plakater liest een e. a. „Eise Gesondheetssystem ass ënnerentwéckelt” a „Gläich Chancë fir d’Kanner vun den immigréierten Aarbechter”.

**Zukünfteg Erausfuerderungen an der Aarbechtswelt**

Computeren an digital Technik betreffen haut bal alleguer d’Beräicher vum Liewen. An den nächste Jore wäerte substanziell Verännerungen d’Aarbechts- an d’Wirtschaftswelt bestëmmen. Déi gereegelt Aarbechtszäite vun de Salariéen*ën, déi duerch laangwiereg demokratesch Prozesser erreecht goufen, stinn um Spill. Stänneg disponibel sinn, Globaliséierung an Teletravail stellen nei Erausfuerderungen un d’Aarbechtswelt.

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

# Meenungsfräiheet ouni Grenzen?

D'Meenungsfräiheet, déi zanter 1848 an der Lëtzebuerger Verfassung verankert ass, garantéiert d'Recht op eng fräi Meenung. Se ass awer net onbegrenzt.

**R1**

**D'Recht op eng fräi Meenung an hir Grenzen**

**Art. 19 vun der Universaler Deklaratioun vun de Mënscherechter**

All Mënsch huet d'Recht op eng fräi Meenung an däerf se fräi ausdrécken. En däerf net wéinst senge Meenungen diskriminéiert oder bestrooft ginn, a jiddereen däerf Informatiounen an Iddie mat allen Hëllefsmëttele sichen, kréien a verbreeden, fir sech auszedrécken.

**Art. 24 vun der Verfassung**

D'Fräiheet, an allen Ugeleeënheete seng Meenung fräi ze äusseren, esouwéi d'Pressefräiheet si garantéiert, mat Ausnam vun der Repressioun vu Strofdoten, déi beim Ausübe vun dëse Fräiheete begaange ginn.
– D'Zensur däerf ni ageféiert ginn.
*(Revisioun vum 2. Juni 1999)*



**Code pénal : Kapitel VI - Rassismus, Revisionismus an aner Diskriminatiounen**

Art. 454 (adaptéiert)
All Ënnerscheedung tëschent natierlechen oder juristesche Persounen opgrond vun:

- hirer Ofstamung,
- hirer Hautfaarf,
- hirem Geschlecht,
- hirer sexueller Orientéierung,
- hirer familiärer Situatioun,
- hirem Gesondheetszoustand,
- hirer Behënnerung,
- hirer Sittlechkeet,
- hire politeschen oder philosopheschen Usiichten,
- hire Gewerkschaftsaktivitéiten,
- hirer tatsächlecher oder supposéierter Zougehéieregkeet oder Netzougehéieregkeet zu enger bestëmmter ethnescher Grupp, Natioun, Rass oder Relioun

gëllt als Diskriminatioun.

**Code pénal : Kapitel VI – Rassismus, Revisionismus an aner Diskriminatiounen**

Art. 457-1 (adaptéiert)
Mat enger Prisongsstrof vun aacht Deeg bis zwee Joer an enger Geldstrof tëschent 251 a 25 000 € oder mat nëmmen enger vun dëse Strofe gëtt sanctionéiert:
all Persoun, déi

- sief et duerch Rieden, Gejäiz oder Droungen op ëffentleche Plazen oder Versammlungen,
- sief et duerch geschriwwen oder gedréckt Ënnerlagen, Zeechnungen, Gravuren, Molereien, Ofzeechen, Biller oder all anere schrëftlechen, mëndlechen oder bildleche Support, déi verkaaft oder verdeelt, zum Kaf ugebueden oder op ëffentleche Plazen oder bei ëffentleche Versammlungen ausgestallt ginn,
- sief et duerch Plakater oder Affichen, déi der Ëffentlechkeet zougänglech gemaach ginn,
- sief et duerch en anert audiovisuellt Kommunikatiounsmëttel, zu Haass oder Gewalt géint eng Persoun, egal ob et sech ëm eng natierlech oder eng juristesch Persoun handelt, oprifft (…)

Art. 457-2 all Persoun, déi enger Organisatioun ugehéiert, där hir Ziler oder Aktivitéiten dora bestinn, eng Dot, déi am Paragraph 1) vun dësem Artikel virgesinn ass, ze begoen, (…)

Art. 457-3 (…) déi (…) d'Existenz vun engem oder méi Genoziden (…), Verbrieche géint d'Mënschheet oder Krichsverbriechen (…) contestéiert, erofgespillt, gerechtfertegt oder ofgestridden huet (…)

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg

R2

### Ass dat nach Meenungsfräiheet?

Den 22. Juni 2012 huet e Lëtzebuerger Mediegrupp en Artikel veröffentlecht, mat der Iwwerschrëft: „Gemeng Kielen: Haus fir Flüchtlinge kaaft“. Doropshi sinn op der Facebook-Säit vum Mediegrupp dës friemefeindlech Kommentaren opgetaucht:

D'Kommentaren um Internet

**Person B** - 22.06.2012

Daat Haus mist an flammen obgoen, wei all dei hauser dei fir deirt Geld kaaft gin fir wouscht drann ze setzen, pffffff offackelen

Mellen Äntweren

**Person C** - 22.06.2012

Faerten dass et keng 20 Joer dauert bis dass erem en mat engem Schnauz d'Macht vum Wuert gebraucht fir d'Leit ze hypnotiseeren an d'grouss Botz mecht.mam Ennerscheed dass et dann net em d'Juden geet...!) Vielleicht faerten ech et och net)

Mellen Äntweren

**Person A** - 22.06.2012

Also ech keint katzen wann ech esou eppes liesen!!Mir kreien näischt an die kreien alles an den A..gestach!!!Die sollen mol eng Rakeit an den A. gestach kreien dass si bis dohiner fleien wou si hier komm sin!!! Wou solls de do kee Rassist gin! Mech katzt di Ongerechtegkeet vis-a-vis vun de Letzeboier just nach un...

Mellen Äntweren

**Person D** - 22.06.2012

Gin emmer mei fraleit vergewaltecht, ass ed daat frei gin?Bus an Zuch gin kontroller zesummen geschloen. Aal leit gin iwwerfall fir 5 euro. Ged drop an doweider angebrach, kanner kreien handy an suen geklaut etc. An Fakt ass, an daat ass beweisen op Videoen oder pleinten DAAT SIN FLUECHTLINGEN!!!!! An esou gin mir beklaut!!!An waat mei esouer eran kommen waat mir mei beklaut gin! »

Mellen Äntweren

Déi juristesch Suitten

Sechs Deeg méi spéit huet de Parquet d'Police iwwer dës friemefeindlech Aussoen informéiert. D'Police sollt d'Auteuren dunn ermëttelen. Déi Beschëllegt si convoquéiert ginn a se hunn zouginn, dass se déi Kommentare geschriwwen hunn. Si hunn uginn, dass se net woussten, dass hir Aussoen ënner d'Strofrecht géife falen. Si hätte just hir eege Meenung als Reaktioun op deen Artikel publizéiert.

Quell: https://justice.public.lu/fr/actualites/2013/02/jugement-incitation-haine.html

**D'Geriichtsurteel:**

D'Geriicht huet A, B an D jeeweils zu sechs Méint Prisong mat Sursis verurteelt. Si däerfe sech an den nächste fënnef Joer net strofbar maachen.

C krut eng Prisongsstrof vu 6 Méint ouni Sursis.

- Analyséiert d'Ressource R1. Wat fir Texter drécken allgemeng Prinzippien aus, wat fir eng befaasse sech mam konkreeten Ëmsetze vun dëse Prinzippien?
- Stellt eng Tabell zum Art. 454 vum Lëtzebuerger Code pénal op, an där dir fir all Diskriminatiounsgrond e Beispill aus dem Alldag nennt.
- Bewäert d'Aussoe vun der Ressource R2. Fale se nach ënner Meenungsfräiheet oder net? Vergläicht uschléissend mat der Ressource R1. A wat fir enge Punkte verstoussen d'Kommentare géint d'Gesetz?
- Kommentéiert d'Urteel. Fannt der d'Strofen adequat? Begrënnt är Äntwert!

# A wat sot Dir zur Demokratie?

D'Vertrieder*inne vun deene verschiddenen Institutioune goufen ufangs 2019 gefrot, fir de Begrëff „Demokratie" ze definéieren an hir Rollen an Aufgaben an der Lëtzebuerger Demokratie ze beschreiwen.



**Fernand Etgen**
Chamberspresident,
Éischte Bierger vum Land

### Wéi géift Dir Är Roll an Är Aufgab am Kader vun der Lëtzebuerger Demokratie beschreiwen?

D'Häerz vun eiser Demokratie schléit am Parlament. Eng Demokratie an och e Parlament fonctionéieren no verschiddene Grondreegelen. Eng vu mengen Aufgaben als Chamberspresident ass et, dofir ze suergen, dass dës Reegelen agehale ginn, och am politesche „Sträit". Nëmmen esou kann d'Demokratie liewen, gelieft ginn a sech entfalen.

### Wéi géift Dir de Begrëff „Demokratie" definéieren?

D'Demokratie ass e politesche System, an deem de Pouvoir vun de Bierger ausgeet, déi e Parlament wielen.
Bei enger Demokratie ass näischt selbstverständlech an näischt definitiv festgeluecht. Mir mussen eis all Dag fir d'Demokratie asetzen. D'Demokratie ass awer och en oppene Prozess, well d'Meenungen an enger Gesellschaft an déi politesch Majoritéiten änneren. Doweinst ass d'Demokratie en exigent Beispill vum Zesummeliewen, warscheinlech den exigentste Modell, dee mer kennen. Si verlaangt vill vun de Leit. Et ass e stännege Kompromëss, well wie riicht sech scho gären no enger Meenung, déi e perséinlech fir falsch hält?

**Jean-Claude Wiwinius**
President vum Ieweschte Geriichts-
haff a vum Verfassungsgeriicht



### Wéi géift Dir de Begrëff „Demokratie" definéieren?

D'Demokratie bedeit d'Herrschaft (cratos) vum Vollek (demos). Dëse politesche System ënnerscheet sech vun anere Systemer, ewéi der Diktatur oder der Aristokratie, an deenen d'Muecht just vun enger Persoun ausgeüübt gëtt. Zu Lëtzebuerg wielen d'Bierger hir Vertrieder, dat nennt een eng representativ Demokratie. D'Demokratie impliziéiert, dass d'Trennung tëschent der legislativer Gewalt, der exekutiver Gewalt an der Justizgewalt respektéiert gëtt. D'legislativ Gewalt këmmert sech ëm d'Gesetzer an d'Gesetzestexter, d'exekutiv Gewalt bilt d'Regierung vum Land an d'Justizgewalt kontrolléiert, ob d'Gesetzer richteg appliziéiert ginn. Schlussendlech ass d'Demokratie e Garant vun der Gerechtegkeet, vun der Fräiheet a vun der Chancëgläichheet.

### Wéi géift Dir Är Roll an Är Aufgab am Kader vun der Lëtzebuerger Demokratie beschreiwen?

Als President vum Verfassungsgeriicht sinn ech de Wiechter vun der Verfassung. Meng Funktioun besteet doran, am Respekt vum allgemengen Interessi d'Ausübe vun de Grondfräiheeten ze garantéieren, wéi zum Beispill vun der Meenungsfräiheet, der Versammlungsfräiheet oder der Beweegungsfräiheet. Fir sécherzestellen, dass de Prinzip vun der Gläichbehandlung respektéiert gëtt, ass et doriwwer eraus meng Aufgab, ze kucken, dass an enger vergläichbarer Situatioun zwee Mënschen d'selwecht behandelt ginn. Zu gudder Lescht gehéiert zu menger Funktioun och, dass ech d'Konformitéit vun de Gesetzer mat der Verfassung kontrolléieren, wat dann en Equiliber an eng gerecht Verdeelung vun der Gewaltentrennung erméiglecht.

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg




### Wéi géift Dir de Begrëff „Demokratie“ definéieren?

An engem demokratesche Staat üübt d’Vollek déi legislativ Gewalt aus, sief et direkt, zum Beispill iwwer e Referendum, oder indirekt, duerch d’Vertrieder, déi et gewielt huet. Lëtzebuerg ass eng representativ Demokratie, well nëmmen d’Chamber déi legislativ Gewalt huet. Eng demokratesch Staatsform setzt forcément viraus, dass aner wichteg Grondsätz beuecht ginn, wéi de Grondsaz vun der Gewaltentrennung bei der legislativer, der exekutiver an der Justizgewalt, de Grondsaz vun allgemengen, direkten a fräie Walen, dem Prinzip vum Rechtsstaat an der Garantie vun de Mënscherechter a vun de Fräiheeten.

### Wéi géift Dir Är Roll an Är Aufgab am Kader vun der Lëtzebuerger Demokratie beschreiwen??

De Staatsrot huet d’Missioun ze kontrolléieren, ob déi Lëtzebuerger Rechtsnorme konform zu den iwwergeuerdente Rechtsnorme sinn, ier se adoptéiert ginn. Déi demokratesch Staatsform gëtt an der Verfassung an a verschiddenen internationalen Traitéen, wéi der Europäescher Mënscherechtskonventioun an den Traitéë vun der Europäescher Unioun erwäänt. Mat sengen Avisen, an deenen en esouwuel d’Chamber wéi och d’Regierung beréit, weist de Staatsrot dowéinst op all Verstouss géint déi demokratesch Reegelen hin, déi duerch en neit Gesetz, en neit Reglement oder eng Ännerung vun der Verfassung kéint begaange ginn.





### Wéi géift Dir de Begrëff „Demokratie“ definéieren?

D’Demokratie ass e politesche System, bei deem d’Muecht vum Vollek ausgeet. Zu Lëtzebuerg üben d’Bierger hir Souveränitéit indirekt iwwer d’Vertrieder aus, déi se an d’Chamber gewielt hunn. Fir mech geet Demokratie awer iwwer dës Definitioun eraus. Demokratie ass vill méi ewéi eng Regierungsform, et ass eng Gesellschaftsform an e Wäertesystem, an deem de Bierger d’Méiglechkeet huet, seng Meenungen a Virstellunge fräi ze äusseren. Doriwwer eraus ass et fir eng Demokratie wichteg, dass d’Justizautoritéiten hir Aarbecht onofhängeg kënne maachen an dass et och fräi an onofhängeg Medie gëtt.

### Wéi géift Dir Är Roll an Är Aufgab am Kader vun der Lëtzebuerger Demokratie beschreiwen?

An eisem politesche System üübt d’Regierung d’exekutiv Gewalt zesumme mam Grand-Duc aus. Esou ass d’Regierung fir d’Ëmsetzung vun de Gesetzer verantwortlech, déi vum Parlament ausgeschafft a gestëmmt ginn. D’Parlament gëtt direkt vun de Bierger gewielt a vertrëtt se beim Ausübe vun der legislativer Gewalt. Der Premier presidéiert d’Regierung, déi aus enger Koalitioun vu Parteie besteet, déi eng Majoritéit am Parlament bilden.
Hie representéiert d’Regierung op nationalem, europäeschem an internationalem Plang. Esou sinn ech also fir d’Koordinatioun tëschent de Ministèren a fir d’Organisatioun vu Regierung a Staat am Allgemengen zoustänneg, genee ewéi fir déi konstitutionell Prerogative vun der Regierung.

**Gewaltentrennung**




- Liest d’Äntwerten zu „Wéi géift Dir de Begrëff „Demokratie“ definéieren?“. Stellt eng Lëscht op mat de Stéchwierder, déi d’Demokratie beschreiwen.
- Wat fir Begrëffer ginn am meeschte gebraucht? Sinn d’Definitiounen homogeen? Wat fir Aspekter vun der Demokratie ginn thematiséiert?
- Liest d’Äntwerten, wéi d’Vertrieder*inne vun deene verschiddenen Institutiounen hir Roll an der Lëtzebuerger Demokratie gesinn. Stellt eng Tabell zur Gewaltentrennung op. Wat fir eng Institutioun gehéiert wouhin? Setzt uschléissend d’Persounen an hir Haaptaufgabe bei déi richteg Symboler.

Source: duerchbléck! Nr. 5 – 100 Joer Demokratie zu Lëtzebuerg